Independent Little Lies

Rapport d’activités 2025

Independent Little Lies

Conseil d'administration
Jacques Schiltz, président
Elsa Rauchs, vice-présidente
Anne Schiltz, trésorière

Membres
Angélique Arnould, Sandy Artuso, Jill Christophe, Frédérique Colling, Catherine Elsen, Anne Klein, Rosalie Maes, Sayoko Onishi, Samuel Reinard, Gilles Seyler, Claire Thill, Michèle Tonteling, Claire Wagener, Anne Wirth

Membres hybrides
Linda Bonvini, Hadi Deaibes, Konstantin Rommelfangen, Anne Simon, Marc Thein, Anouk Wagener

Réviseurs de caisse
Manon Atten, Sandra Cellina, Ro Hilger, Dany Krier

Independent Little Lies asbl
Adresse postale : BP 13 L-4001 Esch-sur-Alzette
Siège social : 29, rue Arthur Useldinger L-4351 Esch-sur-Alzette
contact@ill.lu
www.ill.lu

Sommaire

Mot du président	4
Structure et missions	6
Biergerbühn : *The Stranger Song*	9
Créations 2025	14
30 Joer ILL	18
Theater. Kollektiv.	22
Um Boulevard	24
Reprises 2025	26
ILL Residenz	31
Microproject Festival	34
Bâtiment4	38
ILL an der Presse	39
Statistiques public 2025	40
Statistiques participant.e.s Biergerbühn	41
Statistiques personnel	42
Finances	43
Support us	59
Remerciements	61

Mot du président : Same Old, Same New

Wéi mir d'lescht Joer den drëssegsten Anniversaire vun Independent Little Lies gefeiert hunn, war dat net nëmmen eng Ursaach ze feieren, mee och eng Geleeënheet, op d'Entwécklung vum Kollektiv an deene leschten drësseg Joer zeréckzekucken. An och wann esou Réckblécker ëmmer subjektiv a mat engem nostalgeschen A stattfannen, kann een déi Entwécklung, déi ILL an där Zäit gemaach huet, kaum leegnen.

An deenen éischten zéng Joer huet sech ILL vun enger Schülerinitiativ zu engem alternative Kollektiv mat reegelméissegen Aktivitéiten entwéckelt, dat aus der Stad Esch an der Ëmgéigend net méi fortzedenke war. An deenen nächsten zéng Joer huet sech de Kollektiv staark professionaliséiert, souwuel wat déi kënschtleresch Aarbecht wéi och d'Aart a Weis ze produzéieren ugeet. An de leschten zéng Joer huet ILL säi Fonctionnement weider ausgebaut, op eng korrekt Bezuelung vu senge Kënschtlerinnen a Kënschtler insistéiert an ass zu engem Produzent ginn, dee senge Partner op Aenhéicht begéine kann.

Wann een déi verschidden Etappe kuckt, déi ILL an där Zäit zeréckgeluecht huet, kann een also duerchaus vun enger linearer Weiderentwécklung schwätzen. En Androck dovun, wouhinner dës Entwécklung gefouert huet, gewanne mir och an engem kuerze Réckbléck op eis rezentst Aarbechten aus dem Joer 2025.

Natierlech goufen och am Gebuertsdagsjoer d'Kanner- an d'Erwuessenenatelieren vun der Biergerbühn weidergefouert. Dobäi koum et dann och zum drëtte grousse Biergerbühneprojet vun ILL mam Titel *The Stranger Song*, erëm ënnert der Leedung vum Elsa Rauchs a Claire Wagener, bei deem souwuel Kanner wéi och Erwuessener op der Bün stoungen. Dëse Projet hat zu Esch an der Kulturfabrik seng Première an eng Reprise dëst Joer am Studio vum Groussen Theater an der Stad.

2025 huet sech ILL awer och fir d'éischte Kéier an d'Welt vum Cabaret getraut. Bei *Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet* gouf sech net nëmmen d'Zil gesat, d'Leit zum Laachen ze bréngen, mee och eng aner Zort vu Réckbléck op d'Geschicht vum Land ze woen. 2025 gouf dëse Projet zu Déifferdeng, Ettelbréck, Nidderaanwen a Mamer gespillt. Och dëst Joer geet eis kleng national Tournée weider, an éischt Iddie fir e méigleche Fortsetzungsprojet ginn et och schonn.

Mot du président : Same Old, Same New

De 14. November war dunn endlech déi laang geplangte Gebuertsdagsfeier, an et war eis eng grouss Freed, 30 Joer ILL mat esou vill Frëndinnen a Frënn am Ariston vum Escher Theater feieren ze kënnen. Mir hunn et awer natierlech net bei enger Party, enger Zeremonie mat Rieden an neiem Merchandising belooss, mee deen Dag hunn och direkt zwee nei Projete Première gefeiert, dës Kéier – fir ILL éischter ongewéinlech – Filmprojeten.

Mat *Theater. Kollektiv.* erzielt d'Anne Schiltz d'Geschicht vun Independent Little Lies, erméiglecht dem Public e Bléck hannert d'Kulisse vun ILL a léisst eng Hellewull vu fréieren an aktuelle Memberen, wéi och Expertinnen an Experten, zu Wuert kommen. Wien dëse Film verpasst huet, kritt vun Abrëll un nach weider Geleeënheeten, Projektiounen ze besichen.

Dem Michèle Tonteling säi Stop-Motion-Kuerzfilm huet gewisen, datt ILL am Laf vu senge 30 Joer vläicht méi al, awer gottseidank net manner geckeg ginn ass. An *Um Boulevard* weist de Kollektiv, wéi och säi Kostümsfundus, vun enger anerer Säit, a mir wäerte sécher nach vill Geleeënheete fannen, dëse klenge Bijou ze presentéieren.

Apoplexie, e Live-Héierspill vum Claire Thill, dat 2024 Première gefeiert hat, krut eng Reprise am Kasemattentheater an och e Gaaschtspill am Theater BAU3 zu Basel, nodeems dës Produktioun vun der Internationaler Gesellschaft fir Nei Musek invitéiert gouf.

Den 8. Dezember ass eise *Microproject-Festival* an eng drëtt Editioun gaangen, bei där dëst Joer véier Presentatiounen stattfonnt hunn. Och dëst Joer hu mir eis gefreet, bei dëser Geleeënheet ënnerschiddlech Virträg a Performancen an engem conviviale Kader erliewen ze kënnen.

No enger Rëtsch Blécker an d'Vergaangenheet ass et elo un Independent Little Lies, de Bléck an d'Zukunft ze riichten, eis Aarbecht fortzesetzen an déi nächst Etappe vum Kollektiv ze definéieren. An och wann ILL lues awer sécher an den Alter vun der Midlife-Crisis kënnt, sinn ech optimistesch, datt mir et och an de kommende Jore fäerdegbrénge wäerten, zukünftegen Erausfuerderungen a Krisen zesummen ze begéinen an z'iwwerstoen.

Structure et missions

Fondé dans le contexte de l'année culturelle de 1995, Independent Little Lies célèbre en 2025 son trentième anniversaire. Trois décennies d'activité qui témoignent d'un engagement continu en faveur de la création théâtrale et d'une capacité constante d'adaptation aux évolutions du secteur culturel. Au fil de ces trente années, le collectif a connu de nombreuses transformations ; ses projets, tout comme ses membres, en portent la trace. Cette dynamique d'évolution a permis à ILL de développer une expertise pluridisciplinaire et de produire près de soixante-dix spectacles, affirmant sa place dans le paysage culturel luxembourgeois.

Sur le plan organisationnel, ILL repose sur l'engagement bénévole de ses membres actif·ve·s — parmi lesquel·le·s figurent aussi bien de nouvelles recrues que des membres fondateur·rice·s — tout en faisant appel à des professionnel·le·s spécifiques selon les besoins de chaque projet. Cette structure souple, enrichie au fil des années, reflète l'évolution du collectif et la diversification de son réseau.

En 2025, ILL compte deux salariées pour un total de 23 heures hebdomadaires : Jill Christophe assure la coordination générale du collectif à raison de 16 heures par semaine, en collaboration avec Claire Wagener, assistante de coordination, à hauteur de 7 heures hebdomadaires. Ces postes ont pu être créés grâce aux conventions conclues avec le Ministère de la Culture et la Ville d'Esch-sur-Alzette. Face à l'augmentation continue du nombre et de l'envergure des projets, l'année 2026 verra l'arrivée d'Anne Schiltz comme troisième salariée, à raison de 8 heures par semaine, afin d'accompagner cette charge de travail croissante.

Structure et missions

Dès sa création, ILL a été conçu comme une plateforme d'accompagnement pour artistes émergent·e·s, leur offrant un cadre administratif, organisationnel et financier solide, ainsi qu'un espace de dialogue avec des artistes confirmé·e·s. Cette mission s'est structurée au fil du temps à travers des dispositifs spécifiques tels que la *ILL Residenz* (créée en 2016), qui met à disposition un espace et un budget dédiés à la recherche artistique, et la plateforme « microprojets » lancée en 2023, favorisant l'expérimentation de formats plus légers et un échange direct avec le public au Bâtiment4.

Forte de l'expérience acquise et d'une maturité consolidée au fil de ces transformations, ILL continue à s'engager activement pour la mise en place et le maintien de bonnes conditions de travail à chaque étape des parcours artistiques. Le collectif figure parmi les premiers à avoir appliqué la grille tarifaire d'ASPRO, affirmant ainsi son attachement à une rémunération juste et transparente. La valorisation de chaque contribution artistique et technique constitue un principe central, permettant aux équipes d'évoluer dans un cadre professionnel stable et respectueux.

Structure et missions

Si ILL n'impose aucune ligne programmatrice, ni sur le plan formel ni en matière de contenu, les projets du collectif naissent de l'engagement personnel et artistique propre à ses membres. Ils sont ancrés dans l'actualité et traduisent fréquemment un questionnement societal et politique profond. ILL encourage le décloisonnement des pratiques artistiques et accueille le croisement des genres, des disciplines et des langues, reflétant ainsi la diversité culturelle de son environnement.

Cette programmation éclectique permet à ILL de toucher un public tout aussi varié. Le projet participatif *Biergerbühn* s'adresse notamment aux citoyen·ne·s d'Esch-sur-Alzette et des environs, avec une attention particulière portée à celles et ceux qui n'ont pas encore eu l'occasion de prendre part à un projet artistique et souhaitent découvrir la scène théâtrale ainsi que ses coulisses. À travers des ateliers hebdomadaires encadrés par des professionnel·le·s du spectacle vivant, les participant·e·s explorent les différentes facettes des arts de la scène et s'initient aux processus de création.

Biergerbühn 2025 : *The Stranger Song*

The Stranger Song – Work-in-Progress 18.04.2025 @ Kulturfabrik

No der Kreatioun vun *Doheem – Fragments d'intimités* am Kader vun Esch2022 – Capitale européenne de la culture, huet eng nei Phase fir eis *Biergerbühn* mat Erwuessenen ugefaangen. En Deel vun der Equipe ass mëttlerweil säit dem *Besuch der alten Dame* 2021 dobäi, mee och nei Leit sinn ëmmer nees an d'Ateliere komm, déi vum Elsa Rauchs a Claire Wagener encadréiert ginn. Fir der Vilfalt vu Participante gerecht ze ginn, schafft d'Equipe a verschiddenen Etappen iwwert d'Joer um Projet ***The Stranger Song.*** Et handelt sech em eng Kreatioun, an där all Sprooch, all Gesiicht an all Gefill eng Plaz soll fannen, egal wéi al een ass, vu wou ee kënnt a wéi laang ee schonn zu Lëtzebuerg lieft. D'Stéck gëtt an den Ateliere lues a lues opgebaut an de Public kritt en Abléck an déi eenzel Momenter vun der Kreatioun, déi bei de Presentatioune vum Work-in-Progress gewise ginn. Virun de finale Virstellungen am Juni, huet d'Equipe den 18.04.2025 eng Presentatioun vun hirer Aarbecht an der Kulturfabrik mam Publikum gedeelt.

Biergerbühn 2025 : *The Stranger Song*

The Stranger Song ass eng Reflexioun iwwer Zougehéieregkeet, Entfriemung an déi fragil, awer déifgräifend Verbindungen, déi eis präägen. Am Verlaf vum Stéck entsteet en Erfarungsraum an deem all Presenz op der Bün an hirer Eenzegaartegkeet soll erkannt a gewise ginn. Op der Bühn vermëschen sech d'Sproochen, Perspektive stoussen openeen, Leit, déi sech anescht ni getraff hätten, kommen sech méi no a ginn nees auserneen. D'Uleies vun dëser Aarbecht ass en Theater méiglech ze maachen, deen iwwert d'Produktiounslogik eraus eng Gemeinschaft duerstellt, an deenen all eenzelne Mënsch, deem Theater Freed mécht, wëllkomm ass. Am Kader vun *The Stranger Song* hunn eis verschidde Biergerbühn Gruppen (Kanner, Erwuessener) zesummegeschafft. D'Virstellunge vun *The Stranger Song* hunn de **27., 28., an 29. Juni an der Kulturfabrik** stattfonnt.

Biergerbühn 2025 : *The Stranger Song*

Mise en scène et conception : Elsa Rauchs et Claire Wagener

Accompagnement et production : Jill Christophe

Pédagogie de théâtre groupe enfants : Gilles Seyler

Assistanat à la mise en scène : Piera Jovic

Acteur.ice.s: Loay Abbadi, Adnan Ajaj, Ali Alrajab Alabd Alhedi, Frédérique Colling, Hadi Deaibes, Giuliana Di Bernardo Lucius, Sylvie Ewen-Gindt, Sandra Forgiarini, Elias Fusco Dumet, Nicolas Hirsch, Sraboni Kar, Mohammed Kinbar, Alexis Kuta, Florie Kuta, Lena Martins Da Costa, Jérôme Michez, Xuan Nguyen, Loane Novou, Nior Paul, Mohammed Wakkas…

Interprètes vers l'arabe : Hadi Deaibes et Myriam Dalal

Scénographie : Lisa Kohl, assistée par Marko Mladenovic

Costumes : Michèle Tonteling

Habillage : Anna Bonelli, Kinbar Hamou

Encadrement vocal : Sarah Klenes

Travail corporel et chorégraphie : Anne Wirth

Conception vidéo : Anne Schiltz

Lumières : Steve Demuth

Une production d'Independent Little Lies – ILL en coproduction avec le centre culturel Kulturfabrik d'Esch-sur-Alzette et les Théâtres de la Ville de Luxembourg. Avec le soutien de la Ville d'Esch-sur-Alzette, du Ministère de la Culture, de l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et de la Fondation Loutsch-Weydert. En partenariat avec la Croix-Rouge Luxembourg.

Biergerbühn : Dates clés

2017- Année de création

Création de la *BIERGERBÜHN g*râce au financement de la Fondation Sommer. Il s'agit d'abord d'ateliers de théâtre pour enfants et jeunes organisés à la Kulturfabrik.

2018 - aujourd´hui

Encadré par Gilles Seyler, le **groupe enfants** représente **chaque année un spectacle** créé dans des ateliers hebdomadaires, d'abord à la Kulturfabrik, ensuite au Bâtiment 4 et à la Konschthal.

2020

La **ville d'Esch-sur-Alzette assure le financement** de la *BIERGERBÜHN* grâce à une dotation spécifique dans la convention d'ILL.

2021

Claire Thill propose d'ouvrir un atelier pour adultes en vue de la **création de *Der Besuch der alte Dame*** de Dürrenmatt au Escher Theater. Première rencontre des professionnel.le.s du collectif avec les participant.e.s adultes de la *BIERGERBÜHN*.

2022

ILL propose la *BIERGERBÜHN* comme son projet phare pour **Esch 2022 - capitale europénne de la culture**. Elsa Rauchs et Claire Wagener prennent la direction artistique du projet ***Doheem - Fragments d'intimités*** et développent une théâtralité qui va devenir la marque de fabrique de la *BIERGERBÜHN*.

2023

ILL reçoit dans les ateliers de la *BIERGERBÜHN* un groupe de residents de **la structure d'hébergement temporaire pour demandeurs de protection internationale de la Croix-Rouge** luxembourgeoise à Mondercange. Cette rencontre marque le début de la conception du projet *The Stranger Song*.

Créations 2025

Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet

All Mënsch huet scho mol vum Grof Siegfried héieren, dee mam Däiwel e Pakt agaang ass, fir eng Buerg ze bauen, an där hie jonk Damme beim Buede belästege konnt. Oder vum Jang vu Béimen, deen d'Schueberfouer gegrënnt huet, a sech esou fir Minoritéiten agesat hat, datt och Blanner an d'Arméi duerfte goen. Oder vum Klëppelkrich, an deem jonk Lëtzebuerger dofir gekämpft hunn, hir Aachtchen net mussen op Franséisch ze bestellen…

Mee wat wësst Dir eigentlech wierklech iwwert d'Geschicht vu Lëtzebuerg? Wat huet sech tatsächlech am Joer 963 ofgespillt? Wéini huet d'Land den Habsburger gehéiert, de Fransousen, de Spuenier, den Éisträicher a wat war déi genee Reiefolleg? Wat gouf scho méi beim Wiener Kongress decidéiert? A wéini krut Lëtzebuerg eigentlech genee seng Onofhängegkeet?

Fir Iech vun där penibeler Aarbecht z'erléisen, dat alles op Wikipedia nozeliesen, invitéiert Iech den Theaterkollektiv *Independent Little Lies* am Kader vu sengem drëssegjäregen Anniversaire bei säi kabarettisteschen Owend fir aarm a räich, jonk an al, normal Stierflecher an esouguer déi, déi et deemools an der Schoul gepackt hunn, an der Geschicht waakreg ze bleiwen. Dat heescht, och wann Dir mengt, Dir kennt iech aus, kommt trotzdeem laanscht! A wie weess, vläicht léiert Dir jo effektiv eppes bäi, well hei gi se all opgedeckt, déi ***Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet***.

Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet

Et spillen: Frédérique Colling a Jacques Schiltz

Text an Inzenéierung entwéckelt a Kollaboratioun mam: Maurice Sinner a Claire Wagener

Bün a Kostüm: Michèle Tonteling

Persoun mat Anung: Antoine Lazzari

Luucht: Marc Thein

Produktiounsleedung: Jill Christophe

Eng Produktioun am Kader vum 30. Anniversaire vun Independent Little Lies – ILL, a Koproduktion mam Centre Culturel Régional Aalt Stadhaus Differdange, mam CAPE-Centre des Arts Pluriels Ettelbruck, mam Kulturhaus Niederanven a mam Kinneksbond, Centre Culturel Mamer. ILL gëtt vum Kulturministère a vun der Stad Esch-Uelzecht ënnerstëtzt.

Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet

Aalt Stadhaus Déifferdeng

22.04.2025

CAPE Ettelbréck

06.06.2025

07.06.2025

Kulturhaus Niederanven

26.10.2025

Kinneksbond Mamer

10.12.2025 20:00

11.12.2025 20:00

Datumer 2026

Cube 521 Marnach
16.01.2026

Artikuss Soleuvre
07.03.2026

Trifolion Echternach
24.04.2026

30 Joer ILL



30 Joer ILL

ILL ass am Kulturjoer 1995 gegrënnt ginn. Dat bedeit, dass mir 2025 d'Chance haten, eisen 30. Gebuertsdag feieren. Fir dëse spezielle Moment am Liewe vun eisem Kollektiv mat zesummen ze deelen, hu mir eis Frënn*dinnen, Memberen a laangjäreg Partner de 14. November 2025 an den Ariston invitéiert. Am Zentrum vum Owend stoung d'Sortie vum Anne Schiltz sengem Documentaire *Theater. Kollektiv.*, deen op d'Geschicht vun ILL am Kontext vun der lëtzebuerger Theaterwelt zréckkuckt. Donieft hu mir och der Costumière Michèle Tonteling hire Stop-Motion Kuerzfilm *Um Boulevard* gewisen. Am Uschloss ass et am neie Bar vum Escher Theater La Souffleuse mat eiser Feier weidergaangen. D'Escher Gemeng huet den Éirewäin offréiert an de Catering gouf vum Escher Kafé gemaach.

30 Joer ILL

Am Kader vun eisem 30. Gebuertsdag hu mir mam Graphiker Henri Schoetter zesummegeschafft, fir nei **Totebags** ze designen an eng **Brochure** ze gestalten, déi den Esprit vun ILL iwwert déi lescht Jore spigelt.

HUES DU ILL SCHONN ENG KÉIER EN DON GEMAACH ?

A. Nee, firwat, si mir net konventionéiert ?
B. Ah merde, du hues mol deng Memberskaart nach net bezuelt !
C. Jo, iwwert Focuna, an duerno vun de Steieren ofgesat
D. Du net perséinlech, mee dofir deng ganz Famill
E. Jo, fir dech z'entschëllegen, dass du net bliwwe bass, fir ze raumen

A : Du bass fir d'Professionalisélerung vum Kultursekteur a fälerts, dass en Don vun dir e falscht Zeeche géif setzen an de Kollektiv nees ëm Joren zréckgeheie kéint.

B : Du bass grad am Gaangen, déi lescht drässeg Joer vun denge Konten z'iwwerpréiwen a stells fest, dass du deng Memberskaart nach ni bezuelt hues. Du mëss dofir elo virsiichtshalwer e Virement fir déi nächst drässeg Joer, well, obwuels du theoretesch nach ni eng Memberskaart haass, gesäis du dech als feste Bestanddeel vum Kollektiv. Fir d'Éiwegkeet.

C : Du bass kee vun deene Kënschtler, déi sech net mam Steiergesetz auskennen. Du hues de geneeë Montant ausgerechent, mat deem däin Don dir esou guer e steierleche Virdeel ka verschafen. Du hues scho während dengem Studium an en zousätzleche Pensiounsfong investéiert a schécks deng Steiererklärung ëmmer am Februar fort. Nieft denge reegelméissege finanzielle Kontributiounen, bitts du dem Theatermilieu eng gratis Berodung un: Theater Visionäre kafen Aktien – T.V.A.

D : Du bass net déi Persoun, déi an denger Famill am meeschte verdéngt. Du bass fir d'Besteierung vun deene Räichen a gesäis eng finanziell Kontributioun vun denger Famill un ILL als en éischte Schrëtt a Richtung sozial Gerechtegkeet.

E : Du bass net dee Member, deen als éischten d'Spull mécht, raumt, oder oppasst, dass en net an de Féiss steet, wann déi aner et maachen. Däi Raumgefill ass éischter konzeptuell wéi pragmatesch, an du weess, dass den alldeeglechen Émgang mat dir fir deng Matmënschen net ëmmer einfach ass. Dat deet dir alles immens Leed an dofir mëss du – no engem erstaunlech erfollegräiche Casionosbesuch - e besonnesch héijen Don un ILL.

*

En Don maachen:

Fonds Culturel National (steierlech ofsetzbar)
LU24 0019 4655 0203 7000 – BCEELULL
Communicatioun : Don Independent Little Lies asbl – Agrément n°2015/003

Independent Little Lies (steierlech net ofsetzbar)
LU62 0019 5000 2192 8000 – BCEELULL
LU80 0030 8373 8215 0000 – BGLLLULL
LU72 1111 1331 8201 0000 – CCPLLULL

Theater. Kollektiv.

Am Joer 1995 ass Lëtzebuerg fir d'éischt europäesch Kulturhaaptstad. Dëst ass e wichtege Moment fir d'Kulturpolitik vum Land. Nei Plazen an Institutioune gi geschaf. Gläichzäiteg brodelt et ënner de jonke Kulturschafenden, déi Méiglechkeete sichen, fir hir Aarbecht professionell auszeféieren.

De multidisziplinären Theaterkollektiv ***Independent Little Lies (ILL)***, deen an deem Joer gegrënnt gëtt, huet sech zanerhir zu engem wichtege Pilier an der lëtzebuergescher Theaterzeen etabléiert. Bekannt a geschätzt fir seng innovativ an divers Produktiounen, zielt ILL haut zu de bedeitendste Kollektiver am Land.

Den Dokumentarfilm ***Theater. Kollektiv.*** erzielt d'Geschicht vun dësem aussergewéinleche Grupp mat Alldagszeenen, Archiven an Auszich aus Bünestécker. Zu Wuert komme souwuel aktuell a fréier Memberen, wéi och Expert*innen aus der lëtzebuergescher Kulturzeen.

Theater. Kollektiv.

Realisatioun a Schnëtt Anne Schiltz

Bild Philippe Lussagnet

Toun Carlo Thoss

Musek Emre Sevindik

Sounddesign Angelo Dos Santos

Tounmix Ken Nnganyadi

Etalonnage Carlo Thiel

Produktiounsleedung Jill Christophe

Mam
Frédérique Colling, Jacques Schiltz, Jill Christophe, Sandy Artuso, Carole Lorang, Claire Thill, Marc Baum, Ian De Toffoli, Dirk Gindt, Josée Hansen, Florence Weber, Sandra Forgiarini, Elsa Rauchs, Claire Wagener, Théid Johanns, Anne Simon

Produzéiert vun Independent Little Lies
mat der Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Filmfong, vun der Stad Esch-Uelzecht a vum Ministère de la Culture

Um Boulevard

Eng bescheiden a roueg Plaz, wou net vill geschitt. Trotzdeem verbreede sech Bedenken a Skepsis iwwer Allméigleches. Veränderungen trieden an, an et kënnt Beweegung an de Buttek.

| Geheimnisser | Virwëtz | Stuerazegkeet |

| Topegkeet | Iwwerschneidungen | Freed |

Soit, Gewunnechten a festgefueren al Mustere ginn ëmgehäit.

Fir den 30. Anniversaire vun Independent Little Lies huet d'Michèle Tonteling e Stop-Motion-Film zesumme mat de Membere vum Kollektiv realiséiert.

Um Boulevard

Regie: Michèle Tonteling

Kamera & Luucht: Philippe Lussagnet

Schnëtt & Montage: Anne Schiltz

Assistenz fir Kostüm a Bün: Martine Koetz

Technesch Assistenz: Gilles Seyler

Musik: Françoise Tonteling

Et spille mat : Jacques Schiltz, Rosalie Maes, Jean-Paul Maes, Claire Wagener, Frédérique Colling, Anne Klein, Jill Christophe, Claire Thill, Marc Baum, Elsa Rauchs, Gilles Seyler, Konstantin Rommelfangen, Anne Simon, Anne Wirth, Angélique Arnould, Anouk Wagener, Noah Grunwald

Eng Produktioun am Kader vum 30. Anniversaire vun Independent Little Lies – ILL.

Reprises 2025

„Misstraue niemals einer Katze, denn sie steht mit zwei Beinen mehr im Leben als du“

(Toilettenspruch irgendwo im Süden Luxemburgs)

Apoplexie

Apoplexie – der Begriff stammt aus dem Altgriechischen und bedeutet ‘Schlag’. In der Antike und im Mittelalter wurde er benutzt für schlagartige Ereignisse mit Bewusstseinsverlust oder mit teilweisen Lähmungserscheinungen sowie Leiden des Gehirns, die dem Körper plötzlich und unvermittelt Empfindung und Bewegung nimmt. Apoplexie ist in der Medizin eine schlagartig auftretende Störung von Hirnbereichen.

Basierend auf dem interaktiven Performance-Projekt Taxidermy ist Apoplexie die Weiterführung im Live-Hörspielformat, das sich auf die Figur der Protagonistin konzentriert. Claire Thill hat 2019 die Bourse Kappkino vom FOCUNA erhalten, um das Stück umzuschreiben. Leider konnte es aber wegen der Pandemie nicht produziert werden.

Apoplexie

Die Geschichte folgt einer jungen Frau, die nach dem Tod ihres Vaters dessen abseits gelegenes Haus entrümpelt. Doch was sich als simple Aufgabe ankündigt, entwickelt sich zu einem surrealen Road Movie, der die Protagonistin durch den Asphalturwald nächtlicher Autobahnen bis zu einem dubiosen Motel inmitten eines Waldes führt. In einer vergammelten Sporttasche findet sie Tonbänder und einen alten Kassettenspieler. Eine Männerstimme spricht ihr direkt ins Herz, und sie macht sich auf den Weg in eine ungewisse Zukunft, in der sie einem Hirsch ins Maul blickt und von einer schwarzen Katze begleitet wird, einer geheimnisvollen Erscheinung zwischen Vergangenheitsbewältigung und dunkler Prophetie.

Apoplexie ist eine fesselnde Live-Hörspiel-Performance von Claire Thill, die das Publikum in eine mysteriöse Welt entführt, in ein Universum zwischen Stephen King und David Lynch. Die Bühne ist in Dunkelheit getaucht, während die Geschichte sich langsam in den Köpfen der Zuschauer zu entfalten beginnt. Die Musikerinnen begleiten mit Sound-Effekten, Foley Art und Originalkompositionen die Schauspielerin. Der Soundscape wird ergänzt von einem subtilen Licht- und Schattenspiel, das die Bühne in eine multisensorische Phantasmagorie verwandelt.

Apoplexie

Text & Regie: Claire Thill

Komposition: Catherine Kontz

Foley Art: Céline Bernard

Stimme: Rahel Jankowski

Sound: Ken Nnganyadi

Requisiten: Marko Mladenovic

Licht: Marc Thein

Regieassistenz: Daliah Kentges

Stimmen: Marc Baum, Fabienne Hollwege

Produktion: Jill Christophe

Eine Produktion von Independent Little Lies–ILL in Koproduktion mit dem Kasemattentheater. Mit der Unterstützung des Kulturministeriums, der Stadt Esch-sur-Alzette, der Fondation EME, der Fondation Indépendance, SACEM Luxembourg und Kultur| LX Arts Council Luxembourg.

Wiederaufnahme Kasemattentheater und im Theater BAU3 Basel auf Einladung der IGNM Basel.

Kasemattentheater 29.11.2025
Kasemattentheater 30.11.2025
Theater BAU3 Basel 03.12.2025

ILL Residenz

ILL Residenz

True to one of its main missions, namely the support and promotion of emerging artists, Independent Little Lies launches in 2016 the **ILL Residenz**. The idea is to provide an artist with a space for artistic creation and experimentation for a few weeks with a limited budget that he/she can freely manage. At the end of this period of research, an intermediate result (work-in-progress) can be presented to an audience composed of other artists, potential co-producers for further development of the creation and interested audience members who can give feedback to the artists.

The first ILL Residenz was awarded in 2016 to Jacques Schiltz, who proposed a research work around the play *Tod* by Woody Allen. In 2017, Claire Thill was awarded the ILL Residenz for research and writing for her theatre creation *Blackout*. In 2018, ILL exceptionally granted an ILL Residenz to three artists: two actresses, Frédérique Colling and Elsa Rauchs, and one dancer, Angélique Arnould, who each worked for two to three weeks with their respective teams in the Annexes du Château de Bourglinster, which the Ministry of Culture has made available for ILL in 2018. In 2019, Angélique Arnould continued her artistic research work begun in 2018 by developing her creation *Amygdala Hijack*. Unfortunately, the ILL Residenz 2020 had to be cancelled due to the Covid crisis. In 2021 the ILL Residenz has been given to Catherine Elsen for the research and creation of her music clip *Chrysalis Avalanche ,* in 2022 director Sandy Artuso used this platform to experiment with the visual and textual elements of Sarah Kane's play *4.48 Psychosis,* in 2023 Angélique Arnould, Paul Schumacher, Emre Sevindik, Gilles Seyler and Inna Vitola explored interdisciplinary and bidirectional connections between video- and lasermapping technologies combined with music and movement under the title *The nxt new* and in 2024 Claire Wagener dedicated her ILL Residenz *À nu – un exposé* in collaboration with Elsa Rauchs and Anne Wirth to an exploration on the ethics of exposure on and off stage.

Are we doomed by metaphor ¿

by Hadi Deaibes

The ILL Residenz 2025 was given to Hadi Deaibes. Marked by the recurring feeling of stagnation in theatre and art practices in the context of political instability and war, Hadi questioned the use and the limits of metaphor and provocation as possible ways to find back to creative forces.

Microproject Festival 2025

Microproject Festival

In response to the need of our artists to initiate small and flexible formats, ILL has launched a platform for microprojects in 2023. The aim is to give more people the opportunity to present their work and research to a small audience in our rehearsal spaces at Bâtiment4 in Esch-sur-Alzette. The third edition of this micro-festival comprised three new projects initiated by members of the collective, the showcase of the *ILL Residenz 2025* as well as the screening of Michèle Tonteling's stop-motion shortfilm *Um Boulevard.*

The showings took place on **December 8th 2025** followed by discussions with the audience in a convivial setting.

Microproject Festival

Wahnvid

19:00 – Room ILL 2nd floor

By Jacques Schiltz in collaboration with Anne Schiltz, Marie-Luce Theis and Michèle Tonteling

Wahnvid is a research project on the use of video in *Wagner* with a short presentation at Bâtiment 4. This microproject aims to shape and define the aesthetic language of the *Wagner* production, with a specific focus on the integration of video.

Are we doomed by metaphor ¿

19:20 – Room ILL 2nd floor

By Hadi Deaibes

We can all relate to experiences in which a provocation made us question ourselves, helped us change or grow, and we can also all think of provocations that have shut us down and locked us up in irritation. Similarly, a metaphor can open a view, freeing it of its habitual references, just as much as it can alienate us and make the world arround us feel abstract. The ILL Residenz 2025 is dedicated to a research process on metaphor and provocation in theatre.

Microproject Festival

Porous Bodies

19:45 – Room 29 1st floor

An artistic encounter between New Butoh Dance and Contemporary Dance by Angélique Arnould and Sayoko Onishi

Porous Bodies explores the polarity between Contemporary Dance and New Butoh Dance. Choreography becomes a meeting ground—two dancers moving toward each other from different directions: one from form to feeling, the other from feeling to form.

Der Zinnsoldat und die Papiertänzerin

20:30 – ILL-Raum 2. Stock

Eine Zusammenarbeit von Jens Bluhm, Dominik Raneburger und Anouk Wagener

Die Papiertänzerin und der Zinnsoldat: Zwei einsame Figuren wissen nicht, ob sie ihre Geschichte vom Anfang oder vom Ende her erzählen sollen. Sie durchlaufen sämtliche Stationen, stoßen überall auf Ablehnung und sollen am Schluss verbrannt werden. Eine Erzählung von Hans Christian Andersen in einer Überarbeitung von Roland Schimmelpfennig.

Um Boulevard

21:00 – ILL-Sall 2. Stack

E Stop-Motion Kuerzfilm vum Michèle Tonteling mat de Membere vun ILL

Eng bescheiden a roueg Plaz, wou net vill geschitt. Trotzdeem verbreede sech Bedenken a Skepsis iwwer Allméigleches. Veränneringen trieden an, an et kënnt Beweegung an de Buttek.

Bâtiment4

D'Reimlechkeeten am Bâtiment4, wou mir e feste Proufraum, Büro a Stockage hunn, hunn eis och am Joer 2025 de richtege Kader fir e groussen Deel vun eisen Aktivitéite gebueden. Nieft de Prouwe vu *Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet* an de wëchentlechen Ateliere vun der *Biergerbühn*, konnte mir eise Microproject Festival am Bâtiment4 organiséieren an eis an dësem Kontext mat eisem Public austauschen. Am Dezember hat eis Biergerbühn en intensive Proufweekend an eisem ILL-Sall, dee fir d'Preparatioun vun der Reprise vun *The Stranger Song* am Groussen Theater immens wäertvoll war. Och ausserhalb vun de Proufphase vun engem Projet gëtt eise Sall gäre vun eise Membere genotzt, sierf et fir hir eege Preparatiounen, sierf et fir éischt Begéinungen a Gespréicher am Kader vu kommende Kreatiounen.

ILL an der Presse

30 JAHRE INDEPENDENT LITTLE LIES

Wie das Escher Theaterkollektiv entstand und weshalb es aus der Stadt nicht mehr wegzudenken ist

Vom Schultheater zum Kollektiv: Independent Little Lies feiert sein 30. Jubiläum. Über die Anfänge in Eschs Kneipen, Freundschaft und Radikalität.

Von Isabel Spigarelli 14. November 2025 06:37 Uhr

« Des brèches ? Bonne chance »

"Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet"

Eisen 30. Gebuertsdag, de Cabaretsowend *Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet* an d'Virstellunge vun *The Stranger Song* sinn 2025 besonnesch an der Press ervirgehuewe ginn. Duerch de Reportage *Das interdisziplinäre Theaterkollektiv "Independent Little Lies"*, deen den 20. Juni 2025 um WDR ausgestraalt gouf, krut ILL och eng Visibilitéit iwwert eis Grenzen eraus.

Statistiques public 2025



Total : 1040

Participant·e·s Biergerbühn



Statistiques personnel

Personnel engagé par ILL en 2025

Salarièes	2025	2024
Fonctionnement	2	2
Total	2	2

Indépendant·e·s	2025	2024
4.48 Psychosis (spectacle et programme-cadre)	0	19
Apoplexie	8	14
Biergerbühn	23	14
ILL Residenz	2	3
Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet	13	7
Microprojets	11	11
Nornen	0	12
Queer Little Lies Festival - 4e édition	0	16
Theater. Kollektiv. (Documentaire)	14	0
Um Boulevard	8	21
Wagner	6	0
Zizou a Zazou	0	5
Total	85	122

Finances 2025 – Dépenses par projet

Dépenses 2025 - par projets	
Apoplexie	28'927.91 €
Biergerbühn	149'953.86 €
Documentaire - Theater. Kollektiv.	80'977.86 €
ILL Residenz 2025	3'926.62 €
Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet	54'106.52 €
Micro-Projets	25'353.78 €
Queer Little Lies	104.53 €
Um Boulevard (Garage)	22'172.34 €
Wagner	6'156.86 €
Affiliations	1'398.00 €
Assurances	792.01 €
Salaires et cotisations sociales	55'169.97 €
Frais de personnel - indépendant.e.s	6'011.75 €
Honoraires comptables	3'739.55 €
Catering et communication	5'882.02 €
Frais divers	2'457.82 €
Total	**447'131.40 €**

Finances 2025 – Dépenses par projet



Finances 2025 – Dépenses par catégories

Affiliations	1'398.00 €
Assurances	792.01 €
Droits d'auteur	82.40 €
Frais de communication	4'103.09 €
Frais de matériel - achats	14'429.62 €
Frais de matériel - locations	25'694.56 €
Frais de personnnel - indépendant·e·s	324'603.27 €
Frais de transport et d'hébergement	9'153.10 €
Frais divers - catering	5'670.16 €
Frais divers - fournitures admin, frais bancaires, postaux…	2'295.67 €
Salaires et cotisations sociales	55'169.97 €
Honoraires comptables	3'739.55 €
Total	**447'131.40 €**

Finances 2025 – Dépenses par catégories



Finances 2025 – Recettes

Recettes 2025	
Convention Ministère	176'000.00 €
Convention Ville d'Esch - Biergerbühn	70'000.00 €
Convention Ville d'Esch - projets artistiques	80'000.00 €
Apports de coproduction	80'500.00 €
Filmfong - Aide carte blanche	22'500.00 €
Frais d'inscription Biergerbühn	200.00 €
Ventes de représentations	20'169.55 €
Autres recettes	375.00 €
ILL Memberskoarten	265.00 €
Dons	6'315.00 €
Produits financiers	3'450.36 €
Total	**459'774.91 €**

Finances 2025 – Recettes



Finances 2025 – *Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet*

Recettes Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet 2025	
Ministère de la Culture	28'000.00 €
Ville d'Esch	10'000.00 €
Apports en coproduction	37'000.00 €
Vente de représentations	5'250.00 €
Total	**80'250.00 €**

Dépenses Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet 2025	
Frais de personnel	50'811.79 €
Frais de matériel	2'606.94 €
Frais de communication	302.00 €
Frais de transport	384.80 €
Frais divers	0.99 €
Total	**54'106.52 €**

Finances 2025 – *Kleng Ligen iwwer Onofhängegkeet*



Finances 2025 – *Theater. Kollektiv.*

Recettes Documentaire 2025	
Ministère de la Culture	22'000.00 €
Ville d'Esch	30'000.00 €
Filmfong - Aide Carte Blanche	22'500.00 €
Total	**74'500.00 €**

Dépenses Documentaire 2025	
Frais de personnel	61'217.25 €
Frais de matériel	18'828.47 €
Frais de transport	698.51 €
Frais divers	233.63 €
Total	**80'977.86 €**

Finances 2025 – *Theater. Kollektiv.*





Finances 2025 – *Um Boulevard*

Recettes Um Boulevard 2025	
Ministère de la Culture	20'000.00 €
Ville d'Esch	5'000.00 €
Total	**25'000.00 €**

Dépenses Um Boulevard 2025	
Frais de personnel	20'239.43 €
Frais de matériel	1'686.33 €
Frais de transport	116.91 €
Frais divers	129.67 €
Total	**22'172.34 €**

Finances 2025 – *Um Boulevard*





Finances 2025 – *Microproject Festival*

Recettes Microprojets 2025	
Ministère de la Culture	26'600.00 €
Total	**26'600.00 €**

Dépenses Microprojets 2025	
Frais de personnel	23'968.78 €
Frais de matériel	1'065.00 €
Frais de transport et d'hébergement	320.00 €
Frais divers	19.55 €
Total	**25'373.33 €**

Finances 2025 – *Microproject Festival*





Finances 2025 – *Biergerbühn*

Recettes Biergerbühn 2025	
Ville d'Esch-sur-Alzette	90'000.00 €
Ministère de la Culture	20'000.00 €
Apports en coproduction	35'000.00 €
Frais d'inscription	200.00 €
Total	**145'200.00 €**

Dépenses Biergerbühn 2025	
Frais de personnel	131'863.91 €
Frais de matériel	12'294.09 €
Frais de communication	1'102.46 €
Frais de transport et d'hébergement	3'639.33 €
Frais divers	1'054.07 €
Total	**149'953.86 €**

Finances 2025 – *Biergerbühn*





Support us

Devenez membre et soutenez ILL par un don sur un de nos comptes

- BCEE: LU62 0019 5000 2192 8000
- BGL: LU80 0030 8373 8215 0000
- CCPL: LU72 1111 1331 8201 0000

Soutenez ILL et déduisez votre don des impôts en faisant votre virement via le Fonds Culturel National avec la communication « ILL asbl agrément 2015/003 »

- LU24 0019 4655 0203 7000

MERCI

Och am Joer 2025 konnte mir op déi wäertvoll Ënnerstëtzung vun all eise Memberen, eisen Donateur.rice.n an all deene Leit, déi eis Projeten ëmmer erëm matverfollegen, zielen. Iech all e ganz grousse Merci!

Fotoen

Patrick Galbats, Emile Hengen, Bohumil Kostohryz, Annick Legille, Soumya Paul, Gilles Seyler, Mike Zenari

www.ill.lu